


Témoin de l'authenticité culturelle de l'Arelerland, ce calendrier allie l'humour à la sagesse populaire, faisant fleurir chaque jour un proverbe, un dicton ou une expression en langue luxembourgeoise.
Cette sélection présentée pour l'an 2001 par Simone Clesse se rapporte particulièrement à la vie quotidienne et aux rapports humains.
Les reproductions de cartes anciennes illustrent le riche patrimoine architectural urbain et rural de l'Arelerland.
(Cartes anciennes : collection Gaby Thommes)

# Volleks Kalenner fir d'Joer 2001





Ce calendrier a été réalisé et édité par

**_ARELERLAND A SPROOCH_**

association culturelle pour la défense de la langue et de la culture luxembourgeoise.

Photo de couverture : Bardenburg-Clairefontaine 1947
Le «Jeu d'Ermesinde» lors du VIIe centenaire de sa mort. (1247-1947)

Ee Fändel fir d'Arelerland – Un drapeau pour l'Arelerland



AREL - ARLON - D'Setzbaach bäi der Lampachermillen.
La Semois près du moulin Lampach (gestempelt an 1910)

**. Spaassen a Laachen :**
- Läds genuch dat ech muss schaffen, sot den Ellespill, soll ech et och nach schlecht hunn?
Du huet e sech op de Schëppestill gestäipt.
- A wéi geet et? Frot de Spazéier gänger hien.
- O hei stät et, a lädlech genuch, awer wann d'Läffelklack laut, da lafe mer all!

**Ephemeriden :**
Total Moundfinsternis den 9. Januari um 20 Auer 21.

**19 Kriibs 39**

# 2001

# JANUAR - HAARTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Mir hu vill Leed fir Freed ze hunn! | NEIJOOSCHDAG |
| Daaschteg | 2 | Aus Leed gët Matleed ! | Basile ......(22 Auer 33) |
| Mëttwoch | 3 | Et ass kee méi grousst Leed wéi dat wat ee sech selwer undeet | Genowewa |
| Donneschteg | 4 | Dat kafe mer wa mer emol Suen op enger Leder fannen | Odilon |
| Freideg | 5 | Iessen an Drénken hält Läif a Séil zesummen...an d'Box erop. | Eduard |
| Samschdeg | 6 | Déi d' Läffelen op dann héiers de besser ! | DRÄIKINNEKSDAG |
| **SONNDEG** | **7** | Kale Läim a warem Neel halen och, soen déi liddereg Schräiner | Melanie |
| Méindeg | 8 | Wie Läm um Béngel huet, soll nët bäi déi aner riche goen | Lucien |
| Daaschteg | 9 | Et ass fir eng Leder auszeklammen ! | Julien (20 Auer 25) |
| Mëttwoch | 10 | Mengs de ech wär vum Lämmes gebass ? | Guillaume |
| Donneschteg | 11 | Et ass der eng Längt zougaang bis e mat der Mënz erausgeréckelt koum | Paulinus |
| Freideg | 12 | Wat iech näischt ugeet braucht dir nit ze läschen | Tatiana |
| Samschdeg | 13 | Vill Hänn läsche vill Bränn | Yvette |
| **SONNDEG** | **14** | Wann al Scheiere brennen da maacht der Däiwel läschen | Hilaire |
| Méindeg | 15 | Se hunn him e Steen an de Wee geluecht | Remi |
| Daaschteg | 16 | E lääft dorëmmer wéi eng arem Séil | Marsëll (20 Auer 36) |
| Mëttwoch | 17 | En ass do gelidden wéi d'Kréi ënner de Kueben | Antouni |
| Donneschteg | 18 | E léit wéi e Biessemsbënner ! | Stull vum Hl.Péitrus |
| Freideg | 19 | Léi nit mat deem Monn woumat s de biets | Prisca |
| Samschdeg | 20 | D'Geblitt kann nit léien ! | BASCHTIANISDAG |
| **SONNDEG** | **21** | Et huet keng Léier a kee Verkéier | Agnes |
| Méindeg | 22 | D'Léierjore si keng Härejore | Vincent |
| Daaschteg | 23 | Jiddereen muss Léiergeld bezuelen | Raymond |
| Mëttwoch | 24 | D'Ongléck ass e gudde Léiermeeschter | Priest (13 Auer 08) |
| Donneschteg | 25 | Fir eppes ze léieren ass keen ze vill al. | PAULUSBEKEIERONG |
| Freideg | 26 | Géi an d'Friemd da léiers de wéi déi aner d'Brout iessen | Timoté |
| Samschdeg | 27 | Den Dommste léiert d'Bestueden awer nit e Stot féieren | Angela |
| **SONNDEG** | **28** | Wann s de a méng Schong an Huese kënns da léiers de schaffen | Charlemagne |
| Méindeg | 29 | HANDWIERKSRIEDEN : - Wat läschen d'Pompjeën, -Den Duuscht ! | Gildas |
| Daaschteg | 30 | Beim Schneider: - Hei e Läpp, do e Läpp gët um Enn e Kannerkäppchen | Marting |
| Mëttwoch | 31 | Zu Lëtzebuerg: - Dat léift Geld,an dat soll een nit gät hunn! | Mutien-Marie |




**Spaassen a Laachen:**
D'Nopesch:
- Léin mer emol déng Schéier!
Den Ellespill:
- Meng Schéier heescht nët Léin, déi heescht Marei bleif hei!
Awer ech léinen Iech meng Kaz, déi kënnt vum selwen ërem…
Dono gong e spazéieren, gouf awer séier midd a blouf bäim Gruef stoen fir ze raschten. Hie sot:
- Alles mat Viirsicht! Dunn huet e sech mam Hënner an d'Brennessele gesat.

HEESCHTERT - HEINSTERT - D'Bréck an den ënneschten Eck.
Le pont et la petite rigole (gestempelt an 1928)

# 2001

# FEBRUAR - SPIIRKEL

## KAZEMOUNT - SCHNÉIMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Am léifste gesinn ech dee vun hannen ! | Brigitta (14 Auer 03) |
| Freideg | 2 | D'Léift mécht e Maansmënsch domm an e Framënsch geckeg | LIICHTEMESDAG |
| Samschdeg | 3 | D'Léift geet duurch d'Kachdëppen | Blasius |
| **SONNDEG** | **4** | Un der Léift an um Wand huet nach kee sech sat giess | Veronika |
| Méindeg | 5 | Ongléck am Spill, Gléck an der Léift | Agätt |
| Daaschteg | 6 | Kal Hänn, warem Léift | Dora |
| Mëttwoch | 7 | Wat een ewech léint huet een nit méi | Richard |
| Donneschteg | 8 | Geléint ass nit Geschenkt ! | Jherom (07 Auer 13) |
| Freideg | 9 | Wann d'Kanner Geld hunn da léisen d'Kréimer ! | Appelin |
| Samschdeg | 10 | Déi al Leit waren och keng Daboën ! | Arnaud |
| **SONNDEG** | **11** | Schéi Leit, schéi Saachen | LEIFFRA VU LOURDES |
| Méindeg | 12 | Et muss een nit alles gläwe wat d'Leit soen | Dommes |
| Daaschteg | 13 | Et muss een d'Leit huele wéi se sinn | Beate |
| Mëttwoch | 14 | Et versäit ee sech nit méi wéi hannert de Leit | Valentin |
| Donneschteg | 15 | Gutt Leit si besser wéi Geld am Sak | Claude (03 Auer 25) |
| Freideg | 16 | Wat leit de Mënsch, dofir heesche mer jo Leit | Julienne |
| Samschdeg | 17 | Aus Kanner gët Leit | Alexis |
| **SONNDEG** | **18** | Déi al Leit hunn hire Barometer bei sech | Bernadette |
| Méindeg | 19 | D'Wieder ass gutt, wiren d'Leit besser ! | Siméon |
| Daaschteg | 20 | Wat wëllt der hunn, en ass an de Lëmmelsjoren | Sylvain |
| Mëttwoch | 21 | Wien zu enger Lénger Box erschaffen ass, kënnt nit zu enger Wëllener | Pater Damien |
| Donneschteg | 22 | Déi Lescht sin déi Bescht ! | Isabelle |
| Freideg | 23 | Dee kritt d'Lewitte geliesen ! | Florent (08 Auer 22) |
| Samschdeg | 24 | Zënt Matteis mussen d'Geesse bëtschelen | Mathias |
| **SONNDEG** | **25** | De Léngewiewer zitt séng Aarbecht an d'Längt a gët dach fäerdeg | Romeo |
| Méindeg | 26 | WEI GESOT GËT : Wie wëllt Lëmmele praffen, muss d'Gammen duer siche goen | Nestor |
| Daaschteg | 27 | Wat wëllt der hunn, soen d'Leit an da gi se iech nach näischt | Honorine |
| Mëttwoch | 28 | Mäi léiwe Jong, soen d'Meedercher an dann hu se een nach nit gär | Romain |





ATERT - ATTERT - Den Tram ass ukomm. - L'arrivée du tram.
(gestempelt an 1913)

**Spaassen a Laachen**
E Geléierte wollt den Ellespill fänke a frot:
- Wuefir deed en Hunn d'An zou wann e kréit?
- Wëll e seng Lektioun auswenneg weess, sot den Ellespill.
- A wuefir klëmmt den Hunn dann op d'Hong?
- Ma jo, fir méi wäit ze gesinn! huet e geäntwert

# 2001

# MÄERZ - LENZMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Dee séngt ëmmer dat selwecht Lidd ! | Aubin |
| Freideg | 2 | Deen ass esou liddereg wéi Mëscht ! | Scharëll |
| Samschdeg | 3 | Hatt kann e Lidd dervu sangen | Cunégonde (02 Auer 04) |
| **SONNDEG** | **4** | Faul, liddereg a glott, owes nit schlofen a mueres nit op | Adrien |
| Méindeg | 5 | Dem Lidderechen wiisst kee Brout | Kasimir |
| Daaschteg | 6 | Wann d'Lidderegkeet géif wéi dinn, dann hätte vill Péng | Colette |
| Mëttwoch | 7 | Aus aner Leits Lieder ass liicht Rimme schneiden | Thomas d'Aquin |
| Donneschteg | 8 | Aus schlechtem Lieder mécht de beschte Schneider keng gutt Schong | Jean de Dieu |
| Freideg | 9 | E ka seng eege Schrëft nit liesen ! | Franziska (17 Auer 24) |
| Samschdeg | 10 | Et war keng liéweg Séil méi am Haus | Vivien |
| **SONNDEG** | **11** | Soubal et un dat Liéwegt geet muss ee sech wiéren | Eloge |
| Méindeg | 12 | Et liéft een nëmmen eng Kéier | Justine |
| Daaschteg | 13 | Dee laang liéft, gët al ! | Euphrasie |
| Mëttwoch | 14 | Et muss ee liéwen a liéwe loossen | Mathilde |
| Donneschteg | 15 | Et liéft een nit vun der Aarbecht, mee vum Profit | Luis |
| Freideg | 16 | En huet e Liéwe wéi e jongen Hond ouni Fléi | Bénédicte (20 Auer 46) |
| Samschdeg | 17 | D'Liéwen ass eppes wéi eng Héngerleder, kleng a beschassen | Patrick |
| **SONNDEG** | **18** | Dat fänkt d'Liggen aus der Loft wéi d'Mécken | Narcisse |
| Méindeg | 19 | So et riichteraus a maach keng Litanei draus ! | JOUSEFSDAG |
| Daaschteg | 20 | Wann d'Loft sech leet da gët et Reen ! | Herbert |
| Mëttwoch | 21 | Wei op der Long sou op der Zong ! ... FREIJOR | Benoît |
| Donneschteg | 22 | Looss jiddfer Déierche seng Pleséierchen | Léa |
| Freideg | 23 | Looss jiddferee wat en ass, da bleifs de wat s de bass | Victorien |
| Samschdeg | 24 | En ass esou geckeg wéi de Männchen am Liicht | Gabriel |
| **SONNDEG** | **25** | D'Bestueden ass wéi eng Lotteri ! ... MARIA-VERKËNNEGUNG | (01 Auer 22) |
| Méindeg | 26 | Du bass wéi eise Klos, deen huet d'Fleesch giess an d'Schanke gelooss | Eugénie |
| Daaschteg | 27 | Déi bei jongem Liicht geckeg sin, sabbele vu Geck | Habib |
| Mëttwoch | 28 | LIDDERHANNES: De Liddersak gehéiert zum Heeschesak | Gontran |
| Donneschteg | 29 | Deen ass esou liddereg datt e sech nit mag kraze wou et bäisst | Gwladys |
| Freideg | 30 | Wann d'Lidderegkeet géif wéi dinn, da géif e vu mueres bis owes jäizen | Amédée |
| Samschdeg | 31 | Dräi Deeg geliddert, dräi Deeg geschafft a sonndes voll gesoff, dat ass seng Woch | Benjamin |




EIBENG - AUBANGE. D'Grouss Plaz - Grand-place (gestempelt an 1919 zu Eibeng)

**Spaassen a Laachen**
- Ellespill:- Ech weisen dach datt ech e Maanshäerz hunn, sot hien an du ass en ënnert d'Bett gekroch.
- Du muss dech awer nach al maanzen éier s de am Papp säi Schiet kënns, sot d'Mamm zum Ellespill.
- Jong! Alles kann dingen, huet d'Mamm hanneno gesot.
- Verstaan, ruff den Ellespill an du huet en an de Mellerdäich gepisst.

# 2001

# ABRELL - GECKSMOUNT

| | | | | |
|---|---|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | Deen do ass dem Louse säin Edem | ELLESONDEG | Hugues (10 Auer 50) |
| Méindeg | 2 | Wann een nit staark ass muss een alt lous sinn | | Sandra |
| Daaschteg | 3 | D'Lueden falen de Kanner ëmt 9 Auer owes zou | | Richard |
| Mëttwoch | 4 | Déi lues rieden, trieden haart | | Isi |
| Donneschteg | 5 | Lues mam Jabel, näischt am Äifer | | Irène |
| Freideg | 6 | D'Luesheet ass schons e Stéck vun der Faulheet | | Marsellin |
| Samschdeg | 7 | Jiddfer Kréimer lueft seng Wuer | | Johannes |
| **SONNDEG** | **8** | Den Hond mecht de Männchen | PÄLLEMSONNDEG | Jhuli (03 Auer 23) |
| Méindeg | 9 | D'Welt ass nit an engem Dag gemaacht ginn | | Waudru |
| Daaschteg | 10 | Esou wéi een sech et mecht, esou huet een et | | Fulbert |
| Mëttwoch | 11 | Schéi Leit hu schéi Saachen, wat se nit hunn, loosse se maachen | | Stanislas |
| Donneschteg | 12 | Wien näischt mécht, deen näischt brécht | GRINGENDONNESCHDEG | Jhull |
| Freideg | 13 | Maach de Geck mat dengen ale Schlappen | KARFREIDEG | Ida |
| Samschdeg | 14 | Maach deem eng laang Nues ! | KARSAMSCHDEG | Ludivine |
| **SONNDEG** | **15** | Et huet senge Sue Been gemeet ! | OUSCHTEREN | Patern (15 Auer 32) |
| Méindeg | 16 | Aen wéi ee gekockelte Wäissfësch | OUSCHTERMEINDEG | Benoit |
| Daaschteg | 17 | Gudde Kascht décke Bauch, vill Saufen eng rout Nues | | Anicet |
| Mëttwoch | 18 | E kann nit derfir, en huet sech nit selwer gemeet | | Parfait |
| Donneschteg | 19 | Maach datt d'Kiirch am Duerf bleift | | Emma |
| Freideg | 20 | Dat méch sech wéi eng helleg Madonna | | Odette |
| Samschdeg | 21 | Deen nit maart bezuelt richteg | | Anzelme |
| **SONNDEG** | **22** | Et war esou mackeg wéi een Zwirfuedem | | Alexandre |
| Méindeg | 23 | Mir hunn näischt zevill an näischt zemann | | Jhorsch (15 Auer 27) |
| Daaschteg | 24 | D'Kanner vergiessen hir Mamm, eng Mamm hir Kanner nit | | Fidèle |
| Mëttwoch | 25 | En hat Manéiere wéi e Päerdskniecht | | Markus |
| Donneschteg | 26 | Wou kee Mann ass kee Rot, wou keng Fra ass kee Stot | | Alida |
| Freideg | 27 | E schlechte Mann dee keng Flou erniere kann | | Zita |
| Samschdeg | 28 | KLIBBERLIDD: D'Klack laut fir d'éischt; de Mëller sëtzt um Héischt | | Valérie |
| **SONNDEG** | **29** | D'Klack laut fir d'zweet, de Mëller gët gebeetscht | | Katherina (17 Auer 09) |
| Méindeg | 30 | D'Klach laut af, de Mëller ass daf | | Robert |



Société Anonyme des Ardoisières, L. DONNER à MARTELANGE
Vue des ateliers de fabrication

MAARTEL-MARTELANGE : Ardoisières A Donner - Leekaul zu Maartel (1930)

**Spaassen a Laachen**
- Vun allen Iwwelen soll een dat klengst wiele, sot den Ellespill, du huet e sech en kleng Fra geholl.
- Awer gemellech, sot hie, wéi se sech gestridden hunn, du hat d'Fra em den Zoppekomp um Kapp duurchgeschloen.
- Fir d'éischt d'Aarbecht, an dann de Pleséier, sot hien an huet d'Haus gebotzt an duerno ass e matgaang seng Schwéiermamm begruewen.

# 2001

# MEE - OKTAVSMOUNT

| | | |
|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | Eiser Herrgott ass all Meedchen e Mann schëlleg ................. Aarbechtsfest ......... Jousef |
| Mëttwoch | 2 | Kee Mann am Haus, keng Hëllef; keng Fra am Haus, keen Trouscht ........................ Boris |
| Donneschteg | 3 | Mat villem hält een Haus, mat wéineg kënnt een aus ! ................................ Jhak a Flëpp |
| Freideg | 4 | Wann de Mann mam Hummer kënnt kommen ech nit virun .................................. Sylvain |
| Samschdeg | 5 | D'Mass fänkt nit un bis de Paschtouer do ass .................................................. Judith |
| **SONNDEG** | **6** | Matgaangen, matgefaangen, matgehaangen .................................................. Prudence |
| Méindeg | 7 | Kënns de nit haut da kënns de mar ............................................. Gisella (13 Auer 54) |
| Daaschteg | 8 | Vum Matginn ass nach kee méi arem ginn ........................................................ Désiré |
| Mëttwoch | 9 | E lääft esou mat wéi d'fënneft Rad um Won ..................................................... Pacôme |
| Donneschteg | 10 | Matten, Mais,Mëschen a Mueden kënne nëmme schueden ................................ Solange |
| Freideg | 11 | Wa meng Mattant Rieder hätt, wir s'en Omnibus ! .................................................. Mamer |
| Samschdeg | 12 | Dee fir d'Lescht an de Sak krécht, muss fir d'Eischt erëm eraus .......................... Pancrace |
| **SONNDEG** | **13** | Do hätt ee misse Maischen am Lach sinn .......................... MAMMENDAG ......... Servais |
| Méindeg | 14 | Dat lieft vun der Freed an de gudde Mäifel .................................................... Boniface |
| Daaschteg | 15 | Späärt d'Mais nit bäi de Speck ! .................................................... Denise (10 Auer12) |
| Mëttwoch | 16 | Hie geet léiwer de gudde Mäifel no wéi der Aarbecht .......................................... Honoré |
| Donneschteg | 17 | Hatt huet eng Maul wéi eng Peffermillen ............................................................ Pascal |
| Freideg | 18 | D'Leit mussen ëmmer hiirt Maulspill hunn .......................................................... .Juliette |
| Samschdeg | 19 | Un engem décke Maufel ass nach keen erhingert .................................................. Yw |
| **SONNDEG** | **20** | Wann d'Herrschaft fort ass, sinn d'Mais Meeschter ........................................ Bernardin |
| Méindeg | 21 | E Beieschwarem am Mee ass wäert e Fudder Hee ........................................ Constantin |
| Daaschteg | 22 | Mäkoul kee Koul ! Mäerzstëbs a Märeen brénge Segen ! ........................................ Rita |
| Mëttwoch | 23 | Här ass Här a Max ass Max .......................................................... Didier (02 Auer 47) |
| Donneschteg | 24 | Märéisercher schenken gët Sträit (oder Gléck) .................................................. Angela |
| Freideg | 25 | Wien am Meeschte jäitzt ass nit ëmmer de Stäerksten ............................................ Soffi |
| Samschdeg | 26 | Et fält kee Meeschter vum Himmel, ... awer vum Heeknapp ! ............................. Bérenger |
| **SONNDEG** | **27** | Mä, mä, mécht d'Schof ... an du och ! ............................................................ Augustin |
| Méindeg | 28 | Déi zweebeeneg Mais waren un den Zocker ! .................................................. Germain |
| Daaschteg | 29 | KANNERREIM : Gees de matt ? - Wuer? - Op de Knapp ! ................. Aymard 22 Auer 10)<br>- Wat do man ? -Holz haen, Dëppe géissen, Huese schéissen ! |
| Mëttwoch | 30 | Schoul Teis fänkt Mais! Butschen Tun hält s'un ! Klaps Grof strëpt s'of ! ........... Ferdinand |
| Donneschteg | 31 | Péitsches Franz frësst se matt Läif a Panz ................................ MARIA HEIMSUCHUNG |




AREL - ARLON. D'Gare vum Tram
La gare du Chemin de Fer Vicinal. (gestempelt an 1913)

**Spaassen a Laachen**
Ellespill :
- Dee Patt war gutt! E schmaacht no méi…
Wiirt:
- Ma gewëss! Wat méi, wat besser.
Ellespill :
- Sot, wat kritt een hei z'iessen?
Wiirt :
- O, Mécken a Kellertrapen…A wat drénkt der dann nach?
Ellespill :
- Dat selwecht mat enger Méck.

**Ephemeriden :**
Total Sonnefinsternis den 21. Juni um 12 Auer 04

**00 Kriibs 10**

# 2001

# JUNI - BROOCHMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Et ass ee senger Zong nit ëmmer Meeschter | Réverien |
| Samschdeg | 2 | All Männche säi Brännchen ! | Erasme |
| **SONNDEG** | **3** | E geet op de Bal a wa schon al Männercher gitte falen ! | Emma |
| Méindeg | 4 | D'gutt Meenong mécht alles an d'Britt mécht fett | Clothilde |
| Daaschteg | 5 | O Märri, mäi Läif ! ... a meng siwe Säiten ! | Igor |
| Mëttwoch | 6 | De «Längsten Dag 1944» ! ... De V Dag ! | Norbert (01 Auer 40) |
| Donneschteg | 7 | Gudde Kascht a kuurze Weedgang, dat mäscht ! | Gilbert |
| Freideg | 8 | Reent et Muerdertsdag en Abléck, Da reent et sechs Wochen an engem Stéck. | MUERDERTSDAG |
| Samschdeg | 9 | Wou dräi Méchelen op engem Haff sinn, brauch keen Hond | Diana |
| **SONNDEG** | **10** | Dobaussen e schéine Männchen, dobannen der Däiwel an Zevill ! ... PAPPENDAG ... | Landry |
| Méindeg | 11 | Si mengen wann de Fuuss d'Hong gefriess hätt da misst hien Äer léen | Barnabé |
| Daaschteg | 12 | Wann eng Méck doud geschloe gët, kommen hirer zwanzeg op d'Begriefnes | Guy |
| Mëttwoch | 13 | Besser eng Méck am Dëppe wéi guer näischt | Antouni |
| Donneschteg | 14 | E ka kenger Méck e Leed dinn | Valère (03 Auer 29) |
| Freideg | 15 | Déi kleng Meedercher gehéieren owes an d'Bett an nit op d'Gaass | Germaine |
| Samschdeg | 16 | Schéi Meedercher gi schéi Brauten | Lutgarde |
| **SONNDEG** | **17** | Schéi Meedercher an zerasse Kleeder bleiwe gär hänken | Hervé |
| Méindeg | 18 | D'Meedercher sinn ewéi d'Kazen, gär geschmeechelt ma krazen och gär | Léonce |
| Daaschteg | 19 | Et si méi Kette wéi rosen Honn | Romuald |
| Mëttwoch | 20 | Et ass nit méi wéi duer gespaut ! | Silvère |
| Donneschteg | 21 | Wat méi Leit wat méi Iddiën ... SUMMER | (11 Auer 59) |
| Freideg | 22 | Wat een den Dreck méi réiert wat e méi stenkt | Paulinus |
| Samschdeg | 23 | Wat ee méi huet, wat ee gär méi hätt | Audrey |
| **SONNDEG** | **24** | Wat een nit ka leiden muss ee meiden | HI JOHANNESGEBUURT |
| Méindeg | 25 | Ouni Méi kritt een näischt ... awer Lais a Fléi | Guillaume |
| Daaschteg | 26 | Wann et sonndes reent a méindes och, gët awer nach eng schéi Woch | Anthelme |
| Mëttwoch | 27 | Deen ass esou domm wéi seng Féiss ! | Fernand |
| Donneschteg | 28 | ELO GEET ET DUER : - Hues du de Männche vu Märel nit kannt ? Deen huet sech em kee gekëmmert an ass räich ginn | Fabien (03 Auer 21) |
| Freideg | 29 | Wat s de méi Zäit hues, wat s de manner méchs ! | Péitrus a Paulus |
| Samschdeg | 30 | Méchel hei, Méchel do, Méchel hannen a Méchel vir, Méchel stiech d'Sonn un, hänk de Mound aus, botz d'Stären a folleg all Hären. | Häerzjesu |




BEIBEN-BEBANGE: Em der Kiirch; Centre du village
(Gotesch geschriwwen zu Béiben an 1929)

**Spaassen a Laachen :**
Um Haff:
As et Mëllech? Sot den Ellespill. Du hat e Schmant geleckt.
Ellespill:
- Ma wou as dann den Här vun der Mëscht ?
D'Bauerefra:
- Am Zoppdëppen! Riichs d'et da nët? An eisem Haus gët nëmmen zweemol am Jor gemëscht, fir Ouschteren a fir d'Kiirmes.
**Ephemeriden :**
Den 5. Juli deelweis Mound-finsternis um 14 Auer 55
**13 Steebock 39**

# 2001

# JULI - HEEMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | Méisseg goen féiert zu jidder Näischnotzegkeet | Thierry |
| Méindeg | 2 | Besser Mécke gefaang wéi méisseg gaang | Martinien |
| Daaschteg | 3 | En huet en Häerz mëll wéi Botter | Thomas |
| Mëttwoch | 4 | Et war e Meedchen wéi Mëllech a Blutt | Florent |
| Donneschteg | 5 | En huet him d'Ram vun der Mëllech geholl | Touni (15 Auer 05) |
| Freideg | 6 | Wann déi Musék spillt da geet d'Mëllech ëm | Maria Goretti |
| Samschdeg | 7 | Du wäers eng gutt Mëllech Kou, du gës ëmmer | Raoul |
| **SONNDEG** | **8** | Et mengt een et miss ee sech doud mengen ! | Thibaut |
| Méindeg | 9 | Mengen a Botter klappen ass zweërlee | Amandine |
| Daaschteg | 10 | Dee vill mengt wéineg denkt | Ulrich |
| Mëttwoch | 11 | Ech hat gemengt an hu geduecht hu meeschtens Leides bruecht | Benoit |
| Donneschteg | 12 | Et geet nit duer mam Mengen, et muss och geschaft ginn | Olivier |
| Freideg | 13 | E Mënsch ka sech verrieden, an eng Kou vertrieden | Hari (18 Auer 46) |
| Samschdeg | 14 | Mënsch begann dech, Gott hëlleft der ........... FRANSEISCH NATIONALFEST | Kamill |
| **SONNDEG** | **15** | Ee Mënsch begéint deen aneren, nit ee Bierg | Donald |
| Méindeg | 16 | De Merci ass um Katterwang erhéngert | LEIFFRA vum Karmell |
| Daaschteg | 17 | Et huet Lëpsen et kéint ee fir honnert Frang Mënz drop zielen | Charlotte |
| Mëttwoch | 18 | Besser dat maache wéi no Mënster op den Tur klammen | Frédérik |
| Donneschteg | 19 | Et ass besser eng Mësch an der Hand wéi eng Dauf um Daach | Arsène |
| Freideg | 20 | Keng Mënz méi, keng Freed méi! | Margréit.(19 Auer 45) |
| Samschdeg | 21 | Jiddereen ass Här op sénger Mëscht ..................... BELSCH NATIONALFEST | Victor |
| **SONNDEG** | **22** | Ee Bauer dee Mëscht verkeeft, verkeeft d'Brout vum Dësch | Maria-Magdaléna |
| Méindeg | 23 | Mësch dech an Näischt da kënns de an Näischt | Brigitta |
| Daaschteg | 24 | Wann den Dreck Mëscht gët wir e gär gefouert | Kriss |
| Mëttwoch | 25 | Et géif een en emol nit mat engem Mëschtgräf upaken | Jhak |
| Donneschteg | 26 | En huet d'Messer bäi de Ruet geluegt | Anne a Joackim |
| Freideg | 27 | Dat ass dach klor wéi Maschtepull! | Nathalie (10 Auer 09) |
| Samschdeg | 28 | SEIER AUSSPRIECHEN : Mëller Méchel, muel mer mäi Miel<br>Mar muss meng Mamm mir meng mueres Mëllech Mëtsche maachen. | Samson |
| **SONNDEG** | **29** | Wann d'Borschte maans a mauseg ginn da solle se schaffen | Marthe |
| Méindeg | 30 | FIRWËTZ : Wéi ass et mam Freier ? Deen ass nach an der Maach! | Juliette |
| Daaschteg | 31 | Ass däi Papp doheem ?<br>- Majëmmen! En huet sech aus dem Stëbs gemeet | Ignace |




ATTEM - ATHUS D'al Kasär - Vieille caserne

**Spaassen a Laachen :**

D'Braut:
- Hätte mir alt e Stéck Miwel am Haus!

Den Ellespill :
- Ma dir hut jo schon den ale Monni!


De Bräitjemann :
- Am Liéwen, muss een awer spueren

Den Ellespill :
- Awer wat ee Spuert iwwer de Mond
frësst d'Kaz oder den Hond!

# 2001

# AUGUST - HUEWERMOUNT

| | | |
|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Maach lues, du gës jo nit op de Meter bezuelt ...... SCHWÄIZER NATIONALFEST ...... Fonsi |
| Donneschteg | 2 | Et gët ee kengem Kand e Messer an d'Hand ........ Julien |
| Freideg | 3 | Dat geet sou gutt wéi d'Mëtsch am Buttéck ........ Lydie |
| Samschdeg | 4 | Dat Gutt läit an der Mëtt ! ........ J.M. Vianey (05 Auer 57) |
| **SONNDEG** | **5** | Dat ass mat Mëtschen a Kichelcher gefiddert ........ N.D. des Neiges |
| Méindeg | 6 | Kee Middel a kee Kiddel ........ Christiverklärung |
| Daaschteg | 7 | Vun Honger héieren déi de Mëtteg nit lauden ........ Julienne |
| Mëttwoch | 8 | Du verhäls och nëmmen eppes vun zwielef Auer bis Mëtteg ........ Domenék |
| Donneschteg | 9 | Iers du do bass sinn d'Fräschen (d'Schléken) zu Metz! ........ Amour |
| Freideg | 10 | Besser bäi de Metzler wéi bäi den Dokter goen ! ........ Lorenz |
| Samschdeg | 11 | Vum Näischtmaachen gët een och alt midd ........ Klara |
| **SONNDEG** | **12** | En ass vu Beruff aus midd! ........ Clarisse (07 Auer 54) |
| Méindeg | 13 | Du raschs och fir déi Middegkeet déi komme soll ........ Hippolyte |
| Daaschteg | 14 | Kee Middel a keng Mooss, kee Middel a keng Stouss! ........ Evrard |
| Mëttwoch | 15 | Dee léisst sech dréie wéi e Mielsak ! ......... MARIA HIMMELFAART - LEIFFRA KRAUTDAG |
| Donneschteg | 16 | Aus engem schwaarze Sak kann ee kee wäisst Miel huelen ........ Rock |
| Freideg | 17 | Dat ass an e Mielsak gefall ! ........ Hyacinthe |
| Samschdeg | 18 | Ech déit e Mier ausdrénke vun Duuscht ........ Hélène |
| **SONNDEG** | **19** | Kee Middel a kee Kiddel ! ........ Jean Eudes (02 Auer 56) |
| Méindeg | 20 | Dat geet wéi an enger Millen, uewen eran an ënner eraus ........ Bernard |
| Daaschteg | 21 | Besser eng warem Miffchen wéi eng kal Stiffchen ........ Christophe |
| Mëttwoch | 22 | Jidderee kritt no senger Iel gemiess(t) ........ MARIA KINNEGIN ........ Fabrice |
| Donneschteg | 23 | Deen zëm éischten an d'Mille geet kritt fir d'éischt gemuel ........ Rosa |
| Freideg | 24 | Et ass wéi e Millerad mir am Kapp ronderëm gaang ........ Barthélemy |
| Samschdeg | 25 | Däers Miel gët däers Paangech ........ Louis (19 Auer 56) |
| **SONNDEG** | **26** | E kann näischt leie loossen wéi Millesteng a gliddegt Eisen ........ Natacha |
| Méindeg | 27 | Si hun allzäit ze minschen an ze pinschen! ........ Monika |
| Daaschteg | 28 | Dee schwätzt ewéi ee Missionär! ........ Augustin |
| Mëttwoch | 29 | KANNERREIMEN : Der Engel des Hären ! - Wéi sprangen déi Hären?........ Sabine<br>Am helle Galopp zur Mëttegzopp ! |
| Donneschteg | 30 | Ech an dau(du) a Millesau (Millesu) ........ Sacha<br>An Zärestéier, dat sinn eiser véier |
| Freideg | 31 | An zwéi vu Metz, sinn eiser sechs<br>An zwéi vun der Stad, sinn eiser aacht ........ MARIA HËLLFERIN |




WARECH -WARNACH : An der Mëtt vum Duerf - Centre du village.

**Spaassen a Laachen**

Duuscht an Honger :
- Wat hues du dann esou dorëmmer ze moschteren an ze koschteren, frot d'Madamm?
 Hei hues de e Glas Moschter.
- Wat hëlleft de Moschter wann ee kee Fleesch huet grommelt du den Heeschemann an en ass gaang.
- Komm mat mir, sot den Ellespill, awer elo alles mat Mooss, du huet en eng Mooss Branntewäin zum Beschte ginn

# 2001

# SEPTEMBER - HIERSCHTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Dat do brauch ee Miwwel, dat ass eng Kannerwéi! | Jhill |
| **SONNDEG** | **2** | Deem säi Mo ass bäi de Réck zruuchten | Ingrid (21 Auer 44) |
| Méindeg | 3 | E bësschen Dreck ësst ee mat; dat schauert de Mo ! | Grégoire |
| Daaschteg | 4 | Deem do säi Mo fält him geschwënn an d'Schong ! | Rousel |
| Mëttwoch | 5 | En ass esou moër wéi e gemächten Aaxestill ! | Raïssa |
| Donneschteg | 6 | Wa keent der passt da muss du der eent mole loossen! | Ewa |
| Freideg | 7 | E léisst sech opdësche wéi ee Pascha ! | Régina |
| Samschdeg | 8 | Hatt stécht de Mond nit an d'Täsch | MARIA GEBUURT |
| **SONNDEG** | **9** | Et muss een de Mond op der rechter Plaz hunn | Alain |
| Méindeg | 10 | Vill Geschwätz, moër Zoppen ! | Ines (19 Auer 01) |
| Daaschteg | 11 | Du hëls awer kee Blat virun de Mond | Vinciane |
| Mëttwoch | 12 | Déi Jong fueren deen Alen iwer de Mond | Appolinaire |
| Donneschteg | 13 | En huet Mond an Oueren opgerappt | Aimé |
| Freideg | 14 | E Mond wéi eng Broutschéiss a wéi e Baartmesser | HL. KRÄIZ |
| Samschdeg | 15 | Deen do schwätzt mat zwéi Mënner | SCHMÄERZHAFTE MUTTER |
| **SONNDEG** | **16** | E vergonnt engem nit de Maufel am Monn | Edith |
| Méindeg | 17 | Schwätz wéi de Mond (Schniéwel) der gewuess ass ! | Renaud (10 Auer 28) |
| Daaschteg | 18 | Wovun d'Häerz voll ass, dovu leeft de Mond iwer | Ariane |
| Mëttwoch | 19 | Batter fir de Mond ass gutt a gesond! | Emilie |
| Donneschteg | 20 | Wie wëllt päife muss de Mond spëtzen | Andréas |
| Freideg | 21 | Du kriss nach e Freier op d'Mooss gemeet ! ........ HIERSCHT | Mathieu |
| Samschdeg | 22 | Déi kleng Mécken hunn hiirt Gëft no beieneen | Moriz |
| **SONNDEG** | **23** | E soutz do wéi eng Mouk | Constant |
| Méindeg | 24 | E schlechte Motz deen dem Bauch trotzt | Thècle (09 Auer 32) |
| Daaschteg | 25 | Wann s de esou grouss wäers wéi s de domm bass<br>Da kéins de de Mound këssen | Hermann |
| Mëttwoch | 26 | Kënns de frësch vum Mound? | Côme an Damien |
| Donneschteg | 27 | WIEDERREGELEN : - Et ass ee Kräs ëm de Mound<br>Et gët an dräi Deeg Reen!Bleech bréngt de Mound ons Reen | Vincent de Paul |
| Freideg | 28 | Et gët gesot : De Mann am Mound! Dee Mann hat sonndes<br>Bannt der Houmass Holz gestuel. | Wenceslas |
| Samschdeg | 29 | An duefir koum en zer Strof, mat der Fäsch um Bockel an de Mound | Méchelsdag |
| **SONNDEG** | **30** | Ass de Mound rout da verkënnegt e Wand | Jhérom |





WIISBICH - WISEMBACH : An der Mëtt vum Duerf
Centre du Village (gestempelt an 1936)

**Spaassen a Laachen**
- D'Härekächen :
- A wiem gees du dann no mat dengem breden Hutt?
Den Ellespill : - Ma dem Moud
- De Schoulmeeschter :
- Weess du dann wéi schwéier dass de Mound as?
Den Ellespill :- Nëmmen ee Pond, well en huet zwee Véierel.
De Paschtouer :
- D'Predigt war laang! Awer wat länger, wat besser, gelt?
Den Ellespill : - Ma gewëss, zumol wann et eng Wurscht ass!

# 2001

# OKTOBER - WÄIMOUNT
## GROMPEREMOUNT - REISMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Ech maache Kabes a Mous aus dir! | Thérésa |
| Daaschteg | 2 | Du bas d'Mudder vun der Aarbecht | SCHUTZENGELFEST (13 Auer 50) |
| Mëttwoch | 3 | Der Däiwel frësst seng eege Mudder nit! | Gérard |
| Donneschteg | 4 | Deen huet gutt muelen wann déi aner him d'Waasser op d'Mille kéieren | Franziskus |
| Freideg | 5 | Dee fir d'éischt do ass, muelt fir d'éischt | Flora |
| Samschdeg | 6 | Déi Musek geet engem duurch Muereg a Schank | Bruno |
| **SONNDEG** | **7** | Owes nit schlofen a mueres nit op! | N.D. du ROSAIRE |
| Méindeg | 8 | Mueres rout ass kee Bedroch, reent et nit, da wannt et doch | Pélagie |
| Daaschteg | 9 | Vun de Muerte gët een domm awer 't kann ee gutt päifen! | Denis |
| Mëttwoch | 10 | All Muerge bréngt Suergen! | Ghislain (04 Auer 21) |
| Donneschteg | 11 | Vun de Muerte gët ee schéin an 't kann ee gutt sangen! | Firmin |
| Freideg | 12 | Deen ass nëmme gutt fir Muerten ze trëppelen (matt senge platte Féiss) | Wilfried |
| Samschdeg | 13 | Deen ass de Rescht aus der Moul, deen Naschtquak! | Gérard |
| **SONNDEG** | **14** | Et war dringend! Déi dräi Munnenge si matenee gaang | Juste |
| Méindeg | 15 | En huet all seng Munitioune verschoss! | Thérèse vun Avila |
| Daaschteg | 16 | Vun deer Musék kritt ee Kréienaen an d'Oueren | Hedwige (19 Auer 24) |
| Mëttwoch | 17 | E Mupp, en Tock an en Hond, hu sech nach ëmmer zesumme fond | Baudouin |
| Donneschteg | 18 | Bis dohinner lääft nach vill Waasser d'Musel of | LUKSDAG |
| Freideg | 19 | Eier dat geschitt leeft nach vill Waasser duurch d'Baach! | René |
| Samschdeg | 20 | Mussen ass eng batter Noss! | Adeline |
| **SONNDEG** | **21** | Muss de eppes dinn, dann déi (donk) et gär! | Céline |
| Méindeg | 22 | Wat muss sinn, muss sinn! Awer Spaass muss och sinn! | Elodie |
| Daaschteg | 23 | Ech muss elo goen a wa Picken an Hägafele géife falen | Jean de C |
| Mëttwoch | 24 | Wëlls de nit da muss de! | Florentin (02 Auer 59) |
| Donneschteg | 25 | Et mengt een et miss ee sech op de Kapp setzen | Crépin |
| Freideg | 26 | Wann s de dech nit schécks dann hëlt de Muselhond dech matt | Dimitri |
| Samschdeg | 27 | WÄISHEET : Mueresstonn huet Gold am Monn a Bläi am Hënner | Emeline |
| **SONNDEG** | **28** | Hei hu mir néng Méint Wanter an dräi Méint Summer<br>Oder éischter : an nach kee Summer! | Simon |
| Méindeg | 29 | Dräi Méint Nuecht, dräi Méint Dag an dräi Méint gedron<br>Sinn der néng, domat ass alles an der Rei a gedon (fir d'Erwaarde vun engem Kand) | Narcisse |
| Daaschteg | 30 | SEIER AUSSPRIECHEN/ Wa muncheree wéisst, wat muncheree wéier<br>Méich munéchmol, muncheree muncherengem méi Eier; | Bienvenue |
| Mëttwoch | 31 | Do munchereen nit weess, wéi munchereen ass<br>Gët munéchmol muncherengem muneches verwass! | Quentin |




HÄISCHEL - HEINSCH D'Belsch Arméi am Duerf.
L'armée belge dans le village. (gestempelt an 1907)

**Spaassen a Laachen:**

Gespréich :
- Dat war wéi ech nach jonk a schéi war, sot d'Mëllerin.
- Jo Meeschtesch, huet den Ellespill zouginn, awer elo sidd Dir nëmme méi nach schéin!
- So nach eng Kéier esou eng, da rabbelt et, huet d'Fra gedreet.
- Ma wéi wir dat méigelech et ass jo kee Wecker am Haus, huet den Ellespill geäntwert.

# 2001

# NOVEMBER - NIWWELMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Et muss een nëmme stierwen, soss näischt! | ALLERHELLEGEN (5 Auer 42) |
| Freideg | 2 | Dat do schmaacht no nach! | ALLERSEILEN |
| Samschdeg | 3 | Wann s de en Här um Rack zéiss da schellt et zu Roum | Hubertus |
| **SONNDEG** | **4** | Et soll ee säi Brout nit muttwëlleg matt de Féiss stoussen | Karel |
| Méindeg | 5 | Wann d'Meedercher päifen, da kräischt d'Muttergottes | Sylvie |
| Daaschteg | 6 | E fënt emol keen naasse Steen am Waasser! | Bertille |
| Mëttwoch | 7 | De Mutt nit verluer sou laang eng Kniddel am Dêppen ass! | Willibrord |
| Donneschteg | 8 | En ass ewell greis an nach nit weis! | Geoffroy (12 Auer 22) |
| Freideg | 9 | Wann d'Vulle sech zéngmol raupen, si bleiwe bei hire Naupen | Théodore |
| Samschdeg | 10 | Wa mer d'Äer giess hunn da bake mer d'Nascht | Léon |
| **SONNDEG** | **11** | Jidder Nar huet seng Kap ... ARMISTICE 1918 | MÄERTESDAG |
| Méindeg | 12 | All Vulle stierwen nëmmen d'Näidvullen nit | Christian |
| Daaschteg | 13 | Wou näischt ass geet näischt ze schanen! | Brice |
| Mëttwoch | 14 | Deen sech näischt mécht, deen ass och näischt | Sidoine |
| Donneschteg | 15 | Hien huet de Wand am Réck ...... BELSCH DYNASTIEFEST | Albert-Léopold (6 Auer 41) |
| Freideg | 16 | Bei deem ass näischt drënner an näischt driwer | Gréit |
| Samschdeg | 17 | Hatt fëllt sech d'Aen an hie schmiert séch d'Strass! | Elisabeth vun Ungarn |
| **SONNDEG** | **18** | Deen näischt mécht deen näischt brécht! | Aude |
| Méindeg | 19 | Ech hu kee rouden a kee wäisse méi! | Tanguy |
| Daaschteg | 20 | Besser driwwer laachen wéi kräischen | Edmond |
| Mëttwoch | 21 | Wie freides laacht, kräischt sonndes | MARIA VIRSTELLUNG |
| Donneschteg | 22 | Et läit klor op der Hand datt si gewannen | Cecilia (23 Auer 22) |
| Freideg | 23 | Hie schafft fir dem Keser säi Baart! | Clément |
| Samschdeg | 24 | Hien ass de Kinnek vun den Ieselen | Flora |
| **SONNDEG** | **25** | Deen näischt wot, deen näischt wënnt<br>Deen näischt sicht, deen näischt fënnt. | KATRINNENDAG |
| Méindeg | 26 | KANNERREIM : Raderätätätt, dat mossegt Kätt<br>Dat ësst seng Gromperen ouni Fett! | CHRIST-ROI |
| Daaschteg | 27 | WIEDERREGELEN : Wann d'Musel am Advent klëmmt<br>Da kënnt se siwe Mol iwer den Ufer. | Astrid |
| Mëttwoch | 28 | Naass, Naass, Naass, rifft de Kueb an da gët Reen! | Berthuin |
| Donneschteg | 29 | Nom Ree schengt d'Sonn! | N.D. de BEAURAING |
| Freideg | 30 | Vill Reen a wéineg Schnéi deet de Soten an de Beem wéi | Andréas (20 Auer 50) |




**Spaassen a Laachen.**
Den Ellespill
- Sot emol, firwat gët dann elo gelaut?
De Koschter : - Well se um Säl zéien!
Dem Koschter seng Fra :
-A wat gët et da Neies?
Den Ellespill : - O, et ass alles am Alen awer eis Kaz huet Leis.

**Ephemeriden :**
Ranksonnfinsternes den 14. Dez. Um 20 Auer 52.
Hallefdäischter Moundfinsternes den 30. Dez. Um 10 Auer 29.

MIEZEG - MESSANCY - D'Schoul vun den Dominikaner Nonnen.
Pensionnat des Sœurs Dominicaines. (gestempelt an 1907).

# 2001

# DÉZEMBER - KRESCHTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Recht bleift Recht, trotz Kinnek a Käser | Eloi |
| **SONNDEG** | **2** | Et hätt een néideg Aen um Réck ze hunn ... ADVENT | Viviane |
| Méindeg | 3 | Et ass fir op de Réck ze falen | François-Xavier |
| Daaschteg | 4 | Dee wëllt wunne reng, bleift fir séch eleng | Barbara |
| Mëttwoch | 5 | Hie schwätzt fir säin Hellegen! | Gérald |
| Donneschteg | 6 | Hatt weess nit wou an a wou aus ... NEKLOSDAG | Nicolas |
| Freideg | 7 | Ech waarden nit bis Päipelneijooschdag! | Ambroise (19 Auer 53) |
| Samschdeg | 8 | Blutt litt nit ! | ONBEFLECKTE EMFÄGNIS |
| **SONNDEG** | **9** | Wat eng holze Madonna ass dat ! | Péiter Fourier |
| Méindeg | 10 | Mir ware gedréckt wéi d'Hiirken an der Tonn | Romaric |
| Daaschteg | 11 | Honger ass de beschte Kach ! | Daniel |
| Mëttwoch | 12 | Werft d'Geld nit zur Fënster eraus ! | Corentin |
| Donneschteg | 13 | Sprang nit mat gläiche Féiss an de Pull ! | LUZIASDAG |
| Freideg | 14 | Dréchent Holz brennt am Beschten | Odile (20 Auer 48) |
| Samschdeg | 15 | D'Gewunnecht ass eng zweet Natur | Ninon |
| **SONNDEG** | **16** | Wann een de Bam rëselt da falen d'Äpel | Alice |
| Méindeg | 17 | Besser schlecht geridde wéi gutt gaangen ! | Gaël |
| Daaschteg | 18 | Wéi d'Aarbecht esou de Loun | Gatien |
| Mëttwoch | 19 | Déi Leit si vir bäi an hanne widder ! | Urbain |
| Donneschteg | 20 | Voll (voull) Rieden sinn anniichter Gedanken | Abraham |
| Freideg | 21 | Deen all zäit gebéckt ass, hält sech nit riicht | Thomas |
| Samschdeg | 22 | Wiem nit ze roden ass, deem ass nit ze hëllefen | Françoise (20 Auer 57) |
| **SONNDEG** | **23** | Gutt Réit a schlamm Geesse kommen ëmmer haneno ! | Armand |
| Méindeg | 24 | Léier ass schéin mä Eierlechkeet ass besser | Adèle |
| Daaschteg | 25 | Eier weem Eier gebiirt ! | KRËSCHTDAG |
| Mëttwoch | 26 | KANNERREIDLIDDCHEN/ Sou reiden déi Hären<br>Mat hire stolze Päerden, zuck,zuck,zuck! | Etienne |
| Donneschteg | 27 | Sou reiden déi Baueren, mat hire gëllen Aueren,drop,drop,drop ! | Jean-Evangéliste |
| Freideg | 28 | Sou reiden d'Jéngelcher ... HL. ONSCHËLLEG KANNER<br>Mat hire sëlwer Kléngelcher,tripptrapp, tripptrapp, tripptrapp ! | |
| Samschdeg | 29 | Sou reiden déi Jëffercher, mat hire schéine Pantëffelcher, scht, scht, scht | David |
| **SONNDEG** | **30** | Sou reiden déi Kënnercher<br>Mat hiren Zockermënnercher, suck, suck, suck | Roger (10 Auer 42) |
| Méindeg | 31 | Elo geet d'Jorhonnert zum Rescht a mir dinn eist Bescht | SILVESTEROWEND |

# *BÄIM MAITRANK*

## Aalt Vollekslidd vun Arel

***1.** Wann d'Sonn mat hire Stralen d'Märéische wakreg kësst*

*Wa si keng eenzeg Blimchen op Wis a Feld vergësst,*

*Dann ass eng Freed, ee Liewen, eng Pracht, eng Härlechkeet,*

*E Jubbel ouni gläichen a wou ee geet a steet.*

*Refrain 1*

*De Mätrank muss geluewen*

*Hie stierkt a rengegt d'Blutt.*

*Hie botzt ons Gal a Liewer*

*A schenkt ons neie Mudd.*

***2.** Da léisst de Guckuck schallen duurch Bierg an Dall säi Lidd.*

*Waldmeeschter an de Bëscher mat strale Kranze blitt.*

*Mir huele vun deem Kräitchen sou mannech,mannech Strauss,*

*A gi seng Kraaft vermësche mat Wäin an d'Summer Haus.*

*Refrain 2 = Ref. 1*

***3.** A grénge Glieser pierelt wi Gold de Mätrank:*

*Ons freën do bäim dréinken, frou Rieden a Gesank.*

*Mir sëtzen a mir drénken bis an de Liichteschäin.*

*Wéi Hémechts Otem doften Waldmeeschter Muselwäin.*

*Refrain 3.*

*O Mätrank wou s du pierels voll Doft a Poésie,*

*Do feele jo Freed a frou sinn bäi brave Mënschen ni.*

***4.** De Mätrank ass en alen, e schéinen ale Brauch*

*Dee mir an Eieren halen bis un de leschten Hauch.*

*Mat mir, léif Mätranksbridder, kommt sot dem Mämount Dank*

*Fir all seng Pracht, seng Lidder a fir de Mäentrank.*

*Refrain 4 = Ref.3*




*Médaille de la Confrérie du Maitrank en 1999.*

*De Mäwäin oder Maitrank ass en alen typischen areler Dronk deen scho Jorhonnerte an de Stéit gemeet gouf wann de Guckuck gesong huet an d'Waldmeeschterblimmchen bal an der Bléi war.De Muselwäin gehéiert och derzou. Hautjesdaags gët e gemeet mat 9 Bestanddeler. All Jor ginn elo zu Arel, am Mee, Festivitéiten organiséiert mat der «Confrérie du Maitrank» an dat eleng zur Eier vum himmleschen Dronk.*